N°624
Entrée le 17.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.04.2024

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 17. Abrëll 2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister weiderzeleeden.

Di sougenannte Nikotin-Säckelcher, déi ënner Nimm wéi “Thor”, “Velo” asw. wéi Kamelle verkaf ginn an hire Konsumenten e spezielle “Kick” oder Wickingereegeschaften verspriechen, fannen och Zousproch am Sportmilieu.

- Dofir wéilt ech gär vum Här Sportsminister wëssen, ob hien dovun Kenntnis huet?
- Wéi ass déi Substanz anzeklasséieren?
- Hunn déi national an international Doping-Agenturen de schnell wierkende Nikotin, deen fir en direkte “Kick” soll suergen, um Radar a wéi ass gegeebenefalls hier Haltung dozou?

Mat déiwem Respekt

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten